N°5617
Reçue le 24.02.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre des Communications
et des Médias

**Äntwert vum Här Xavier BETTEL, Kommunikatiouns – a Medieminister op d'parlamentaresch Fro n° 5617 vum 28 Januar 2022 vum Här DéPutéierten Roy Reding.**

- *Gesäit den Här Minister et als opportun engem onofhängege Biergerradio sou wäitreechend staatlech Normen opzeerleeën? Gesäit den Här Minister a sou engem Virgang net eng Gefor fir d'Onofhängegkeet vun der Presse an hirer schrëttweiser Verstaatlechung?*

D'Konventioun mam Radio Ara gesäit an aller Transparenz en appropriéierte Finanzement fir déi soziokulturell Missiounen, déi e Biergerradio wéi de Radio Ara erfëllt, vir. Konform mam konstitutionelle Prinzip vun der Onofhängegkeet vun der Press, präziséiert den Artikel 9 vun der Konventioun ausserdeem datt dës a kengster Weis d'redaktionell Onofhängegkeet vum Radio aschränkt.

- *Wéi steet den Här Minister am Sënn vun der Fro virdrun zu der Méiglechkeet, fir sou wuel déi offiziell Pressebäihëllef a Form vun direkte Subside wéi och déi divers Bäihëllefen, déi am Kader vu bilaterale Konventioune fléissen zum gesetzlech nächst méiglechen Zäitpunkt auslafen ze loosen an duerch eng Steierreform fir d'Mediebetriber ze substituéieren, sou, datt dës och hir finanziell Onofhängegkeet zukënfteg méi liicht aus eegene Mëttele séchere kënnen?*

Och d'Pressehëllef an der Form vum Gesetz vum  30 Juli 2021 fir de professionelle Journalismus, déi zousätzlech zu den eegene Mëttel e Forfait an e Subside pro Journalist virgesäit, ass eng objektiv, transparent, net-diskriminéierend an appropriéiert Mesure déi d'Onofhängegkeet vun de Medie stäerkt. Am Géigesaz zu engem Regime deen ob fiskale Mesure berout, erlaabt den aktuelle Regime jidderengem, och de Betriber mat manner Revenuen, vum nämmlechte Montant ze bénéficiéieren, wat bei steierleche Mesuren net de Fall wier.

Deemno wäert d'Regierung och un dësem Modell festhalen a gesäit keen Intérêt, dësen duerch eng Steierreform ze substituéieren.

Luxembourg, le 24 février 2022

Le Ministre des Communications et des Médias

(s.) Xavier Bettel

5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Tél. (+352) 247-72012
Fax (+352) 247-92015

info@mediacom.public.lu

www.gouvernement.lu/smc
www.luxembourg.lu